N°333
Entrée le 19.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 333 vum 14. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Mars di Bartolomeo.**

*- Ech géif dofir gäre vun der Madamm Ministesch wëssen, wat d'Regierung vun dëser Fuerderung hält?*

Den Accord de coalition gesäit Follgendes vir *« L'absentéisme a considérablement augmenté les dernières années. Le Gouvernement analysera les raisons du taux d'absentéisme, mènera des actions de prévention en concertation avec les parties prenantes et luttera contre toute forme d'abus en la matière. »*

Dofir waart d'Regierung lo mol d'Analys vun den Ursaachen of a wäert no där Analys mat de Sozialpartner Gespréicher féiere wat d'Aktiounen ubelaangt déi kéinten envisagéiert ginn.

*- Wéi huet sech de Krankestand am Joer 2023 am Verglach zu 2022 entwéckelt?*

Am Joer 2022 war de globalen Taux vum Absenteismus iwwer 12 Méint gekuckt bei 5,2%. Fir 2023 sinn Donnéeën op den Datum vun haut nëmme bis Oktober 2023 inclus disponibel. De globalen Taux vum Absenteismus iwwert déi éischt 10 Méint vun 2023 gekuckt leit bei 4,5%, par Rapport zu 5,3% fir déi éischt 10 Méint vun 2022.


Dës Zuelen ëmfaassen d'Krankheetsabsencen vu Mataarbechter mam private Statut déi zu Lëtzebuerg oder am Ausland wunnen. Selbststänneg Persounen awer och d'Salariéen, déi e Recht op eng illimitéiert Fortsetzung vun der Remuneratioun hunn an déi also net vun enger finanzieller Entschiedegung vun der Gesondheetskeess (CNS) profitéieren, ginn net berücksichtegt (d.h. Persounen déi bei der Krankeversécherung fir Gemengebeamten an Employéeën (CMFEC), bei der Krankeversécherung fir Staatsbeamten an Employéeën am ëffentlechen Déngscht (CMFEP) souwéi bei der Entraide médicale vun der CFL (EMCFL) affiliéiert sinn).

Fir eng bestëmmte Grupp vu Persounen a fir eng bestëmmte Period, ass den Taux vum Absenteismus definéiert duerch de Rapport tëscht der Gesamtzuel vun de Krankendeeg (a Kalennerdeeg ausgedréckt) vun all dëse Persounen an der Gesamtzuel vun de Kalennerdeeg wärend deenen si ee Beruff ausgeüübt hunn.

Fir eng bestëmmte Grupp vun Persounen a fir eng bestëmmte Period, ass den Taux vum Absenteismus definéiert duerch den Rapport tëscht der Gesamtzuel vun den Krankendeeg (a Kalennerdeeg ausgedréckt) vun all dësen Persounen an der Gesamtzuel vun den Kalennerdeeg wärend deenen si een Beruff ausgeübt hunn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Grafik 1: Taux vum Absenteismus pro Mount an opgeschlësselt ob mat oder ouni COVID-19 vun 2022 bis 2023**




*Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.*

Fir d'Joer 2022, ass eng global Moyenne, ob déi éischt 10 Méint vum Joer gekuckt, vu 4,4% fir d'Krankheet ouni den COVID-19 ze gesinn an 0,9% konnten dem COVID-19 zougedeelt ginn. Am Joer 2023, ass, ob déi selwecht 10 Méint gekuckt, den Taux vum Absenteismus fir d'Krankheet bei 4,4% bliwwen, den Taux vum Absenteismus fir COVID-19 läit bei nëmmen nach 0,1%.

Lëtzebuerg, den 19. Mäerz 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez